



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2022

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours du président de la Chambre des députés,

Fernand Etgen

Monseigneur, Här Staatsminister, Exzellenzen, léif Matbiergerinnen a Matbierger.

Haut, op eisem Nationalfeierdag, héiert een iwverall am Land eis schéin Nationalhymn, „Ons Heemecht“. Si wäert an Zukunft an eiser Verfassung verankert ginn. Mee wat ass eng Heemecht an dësen Zäiten?

Et ass déi Plaz, wou een d’Gefill huet, dozouzegehéieren. Heemecht ass eppes, wat engem net egal ass. Wou een houfreg drop ass a sech sécher spiert.

Wat eng Heemecht bedeit, gëtt engem leider och kloer, wann een aneren engem se wëll ewechhuelen. Sou ergeet et de Moment iwver 40 Milliounen Ukrainer. Duerch eng inakzeptabel Attack op hiert Land.

Demokratie, Fräiheet, Justiz.

Wéi fragil eis Wäerter sinn - obschonns se a Gesetzer gegoss a vun Institutiounen héichgehale ginn – wéi fragil se sinn, dat wësse mer. Demokratie, Fräiheet, Justiz sinn net selbstverständlech, mee brauche Joerzénge, fir opgebaut an dann oprechterhal ze ginn.

Woubäi een dat alles onerwaart séier ka futti maachen. Déi vill Lieu-de-mémoires hei am Land erënnere eis dorun. Leider goufe mer och nees eng Kéier vun der Aktualitéit drun erënnert.

Monseigneur, léif Matbiergerinnen a Matbierger.

Lëtzebuerg huet seng Dieren a säin Häerz grouss opgemaach, fir sou ville Flüchtlingen en doheim ze ginn. Lëtzebuerg ass en oppent Land - och a besonnesch fir Mënschen, déi op der Flucht virum Krich an hirer Heemecht sinn.

E Land, dat geféiert gëtt vun onsem Staatschef, dem Grand-Duc, deem mir op dësem Dag ons häerzlech Gléckwësch an eisen déifste Respekt aussprieche. De Grand-Duc gëtt eis Sécherheet an all Stuerm. Merci dofir Monseigneur.

Fir mech steet dësen Nationalfeierdag dowéinst am Zeeche vun der Solidaritéit. Et ass eng villfach Solidaritéit: Solidaritéit an der Pandemie. Solidaritéit mat der Ukrain. Solidaritéit och bei de sozialen a wirtschaftleche Konsequenze vun der Pandemie a vum Krich. Solidaritéit awer och am Kampf géint de Klimawandel. Eis Ressourcë si limitéiert. Och d’Natur gehéiert zu eiser Heemecht. Si ass wäertvoll, onbezuelbar an net ze ersetzen.

Déi lescht zwee Joer hunn eis a villen Hisiichten e Spigel virun d’Ae gehalen.

Nationalfeierdag gëtt eis awer och - a grad dowéinst - d'Geleeënheet, lech all Merci ze soen. Net nëmme fir den Asaz. Net nëmme fir d'Solidaritéit. ... mee lech all, dass dir iwwert iech rausgewuess sidd, fir Leit ze schützen, viru Krankheet, Leed an Haass. Merci, datt Dir net ewechkuckt.

Sou kënnen mir stolz sinn op „Ons Heemechtsland, dat mir sou déif an onsen Hierzer dron“, wéi de Michel Lentz et 1859 geschriwwen huet. An deem Gedicht, dat eis Nationalhymn ginn ass.

Aus engem anere Gedicht - dem Feierwon - dat de Michel Lentz am nammlechte Joer 1859 geschriwwen huet, huet den ukrainesche Präsidant Volodymyr Zelensky eis Devise zitéiert, wéi hien den 2. Juni virun der Chamber geschwat huet.

„Mir wëlle bleiwe, wat mir sinn“.

Bleiwene, wat een ass – dat heescht a villen Hisiichten, eng Heemecht ze hunn ... wëllen hunn ... halen ze wëllen ... ze verteidegen.

Eis Devise kënnt eigentlech jo och – dat dāerf een net vergiessen - aus engem Kontext, dee genau de Contraire ass, vun engem zouenen Nationalismus. Am Feierwon geet et ëm Weltoffenheet. E gouf geschriwwen fir d'Inauguratioun vun der éischter Eisebunn, déi eist Land mat eisen Nopeschlänner verbonn huet.

„An hie geet stolz den Noper weisen,

Dat mir nun och de Wee hu fond,

Zum éiweg grouse Völkerbond“

A wann een zrëckkuckt op eise Wee an d'Welt, hat de Michel Lentz dat gutt erkannt. Duerch Europa an eis Weltverbondenheet ass eist Land méi staark ginn. Mat eisem Heemechtsgefill geet dat Hand an Hand.

Heemecht ass do, wou ee Rechter huet. Wou een nogelauschtert kritt. Wou een dāerf matschwätzen. D'EU garantéiert eis dat iwwert d'Grenze vun eisem Land eraus.

An dat wënschen ech och all europäeschem Land, dat nach net an der EU ass – an haut besonnesch der Ukrain. Dass d'Weiche Richtung Europa gestallt ginn. Dass d'Schinne geluecht ginn, fir un dësem Friddensprojet deelzehuelen. Dass d'Biergerinnen an d'Bierger an deene Länner d'Gefill kennelieren, och an Europa - an iwwerall an Europa - doheem ze sinn - e Gefill, dat mir a vill Leit, déi hei am Land eng nei Heemecht fonnt hunn, gutt kennen!

Ech wënschen allen Awunner vun eisem Land e schéinen Nationalfeierdag.

Vive de Fridden an d'Fräiheet.

Vive de Grand-Duc,

Vive eis groussherzoglech Famill,

Vive Lëtzebuerg ... a vive Europa.